LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 21 août 2020

REÇU
Par Alff Christian , 10:50, 21/08/2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°2443 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2443 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Dieschbourg

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°2443 vum 25. Juni 2020 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser iwwert "Baugeneemegungen an der Gréngzon"**

1) D'Gréngzon ass deen Deel vun eisem Land, dee souwäit wéi méiglech fräi bleiwe soll vun Haiser an anere Bauwierker. Dëst zum Wuel vum Mënsch, vun der Natur a vun den ökologesche Prozesser. An de "Plans d'aménagement généraux" (PAG) vun de Gemengen gëtt d'Gréngzon och als "zone destinée à rester libre" betitelt, wat weist, datt an der Landschaft nëmmen ausnamsweis däerf gebaut ginn. De Begrëff vun der Gréngzone, "zone verte", ass duerch d'Naturschutzgesetz vun 1982 agefouert ginn.

   D'Naturschutzgesetz reegelt, wéi eng Type vu Gebaier a Konstruktiounen an der Gréngzone däerfe gebaut ginn a fir wéi eng Aktivitéiten se däerfe genotzt ginn. Dozou gehéieren vollberuflech landwiertschaftlech Betriber, Gäertnereien mat eegener Planzeproduktioun, Gemeisgäertnereien a Wënzer, souwéi Fëschzucht, Imkerei an Aktivitéiten a Relatioun mat der Bëschbewirtschaftung oder mat der Juegd. Nëmmen Konstruktiounen déi absolut noutwenneg sinn (indispensables) fir dësen Aktivitéiten nozegoen, sinn erlaabt a kënnen autoriséiert ginn.

   De Fortbestand vun deene Gebaier a Konstruktiounen ass ginn, soulaang si hiren autoriséierten Zweck weider erfëllen. Wat zu landwiertschaftlechen Zwecker autoriséiert ginn ass, muss landwiertschaftlech bleiwen. E Propriétaire ass net fräi, d'Destinatioun vu senger Konstruktioun ze änneren. Notzungsännerungen brauchen eng Geneemegung vum Ëmweltminister. De gesetzleche Kader fir Ëmnotzungen (Artikel 7 vum Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018) ass dobäi genee esou strikt wéi fir nei Konstruktiounen.

   Ier eng Persoun en Immeubel an der Gréngzon keeft, sollt si sech bewosst sinn, wéi eng Destinatioun dësen Immeubel tatsächlech huet, well des Destinatioun nëmmen am Respekt vum genannten Artikel 7, a mat der Geneemegung vum Minister, ëmgeännert ka ginn.

   Et opläit dem Verkeefer vun engem Immeubel den Noweis vun der geneemegter Destinatioun ze liwweren, an net dem Ëmweltminister.

2) Eng Bezeechnung am Kadaster ass reng indikativ an huet keng legal Valeur.

   Säit 1965, d'Joer vun dem éischten lëtzebuergeschen Naturschutzgesetz, gëtt et eng Geneemegungspflicht fir Konstruktiounen "ausserhalb vun den Agglomeratiounen". Deemools zoustänneg war den Inneminister, ab 1979 dann den Ëmweltminister.

   A munche Fäll vun deemools fënnt een an der Baugeneemegung vum Buergermeeschter e Verweis op eng Decisioun vum Inneminister. Den Ëmweltministère préift an all Fall eenzel, ob déi vun engem Requérant geliwwert Informatiounen duer ginn, fir kënnen op d'Legalitéit vun dem Immeubel ze schléissen.

3) Ech si mer bewosst, dass et beim Verkaf vun Immeubelen zu Problemer komme kann, wann de Keefer eng Iddi hat, déi net vum Naturschutzgesetz virgesinn ass an sech doduercher net realiséiere léisst.

   Tatsächlech ginn et Aschränkungen fir Propriétairen vun Immeublen an dat ass esou vum Legislateur gewollt, well d'Objektiver vum Naturschutzgesetz déi sinn fir d'Natur ze schützen.